



De 15. Dezember 2022 war ëm 16:00 Auer eng ëffentlech Gemengerotssitzung mat engem chargéierten Ordre du jour.

1. Exercice du droit de préemption

D’Gemeng verzicht op hiert Virkafsrecht op de Parzellen 1310/3228, 1310/3229 an 1310/3230 (op der Kräizung vun der Rue Jean Tautges mat der Rouschterstrooss).

2. Approbation de plusieurs conventions

2a. Repas sur roues

Bis elo gouf um Territoire vun der Biisser Gemeng de Service « Repas sur roues » vum Roude Kräiz assuréiert. Dëse Service gëtt am neie Kalennerjoer vu Servior iwwerholl. Servior ass bekannt als Exploitant vun enger Rëtsch Altersheemer, z.B. zu Boufer oder um Plateau du Rham an der Stad. Den ablackleche Verkafspräis un d’Clients (10 Euro pro Iessen) bleift onverännert.

2b. Accompagnement scolaire

Mat der asbl Mouvement pour l’égalité des chances pour tous (ofgekierzt MEC) gëtt eng Konventioun fir eng nei Déngschtleeschung ofgeschloss, nämlech d’Aféieren an d’Verwaltung vun enger Hausaufgabenhëllef duerch d’Senioren. Dëse Service mam Numm « Super Senior » kascht d’Gemeng all Joer 0,80 Euro pro Awwinner an zousätzlech muss d’Gemeng finanziell bei der Reklamm fir dëse Service participéieren.

Viru kuerzem gouf et schonns e Flyer un all Stéit, wou d’Senioren sech melle konnten. Doropshin hunn 14 Senioren aus der Biisser Gemeng hiren Interessi ugemellt.

3. Approbation d’un compromis

Bis elo hat d’Firma TS SCI en Droit de superficie op hirem Betriebsterrain vun 26,96 Ar an der ZAC Klengbuusbiereg. Elo keeft d’Garage Tomcar der Gemeng hiren Terrain of an dat fir en Ar-Präis vun 30.000 Euro. Vum Kafpräis sinn awer nach 50.010 Euro ofzezéien, well beim Ofschlësse vum Droit de superficie huet Tomcar eng « indemnité unique » fir d’Lafzäit vun 30 Joer bezuelt, déi elo entsprechend der méi kuerzer Lafzäit vum Droit de superficie vun der Gemeng deels zrëck ze bezuelen ass.

4. Approbation de plusieurs devis

4a. Voirie rurale

E Feldwee um Flouer « Op dem Rouscht » (do wou der Gemeng hire Waasserbaseng op Laaschtert steet) gëtt op enger Längt vun 820 Meter fir 126.094,07 Euro frësch gemeet. Op 900 Meter gëtt fir 52.905,93 Euro e Feldwee um Flouer « am Viichterwee » erneiert. De Staat subventionéiert dës Aarbechte mat 30 Prozent.

4b. Voirie rurale

Fir e Gesamtbetrag vun 120.000 Euro ginn dës Feldweeër an d'Rei gesat :

- Op Rounert, 450 Meter, 22.040,82 Euro ;
- Bierkebiereg, 300 Meter, 14.693,88 Euro ;
- Laaschtert, 820 Meter, 40.163,27 Euro ;
- Op der Tonnbaach, 550 Meter, 26.938,78 Euro ;
- Hazenäcker, 330 Meter, 16.163,27 Euro.

De Staat subventionéiert dës Aarbechte mat 30 Prozent.

4c. Voirie rurale

An der Rue du Nord gëtt op 35 Meter d'Iwwerflächewaasser gefaasst, fir datt d'Haiser op den Nummern 19 an 21 bäi staarkem Reie kee Waasser méi erakriechen. Dës Aarbechte kaschten 20.500 Euro. De Staat subventionéiert dës Aarbechte mat 30 Prozent.

4d. Renouvellement du mobilier urbain

Am ganzen Duerf gi fir 140.000 Euro nei Bänken opgeriicht. Dës Bänken hunn de selwechte Modell, ewéi déi nei Bänken, déi an de Biisser Bëscher stinn. D'Verkéierskommissioun huet e Plang ausgeschafft, wou dës Bänken hinkommen sollen.

4e. Construction d'un nouveau réservoir d'eau potable

Opgrond vum Bevelkerungswuesstem geet d'Späicherkapazitéit vum Drénkwaasserreservoir an der Rue de la chapelle (Wobierg) net méi duer. Och ass en net ideal geleeën, fir mam néidegen Drock de Réseau ze versueren. Dofir gouf um Jixenhaff en Terrain fir de Bau vun engem Baseng kaaft.

De Bau kascht 4.802.850 Euro a gesäit herno och ewéi eng kllassesch hëlze Lagerhal aus (18 Meter breed, 44 Meter Längt an 10 Meter héich). An der Hal selwer ginn 2 Inox-Tanken opgeriicht, déi jee weils eng Kapazitéit vun jee weils 500 Kubikmeter wäerten hunn. Et bleift an der Hal awer nach Plaz, fir méi spéit en drëtten Inox-Tank opzeriichten. Op d'Hal gëtt eng Photovoltaikanlag installéiert. De Gemengerot konnt sech virun e puer Méint bei enger Aarbechtsvisite zu Hiefenech e Bild vun enger ähnlecher Anlag maachen.

4f. Construction d'un atelier communal

De Schäfferot huet den definitive Projet fir den Neibau vum Gemengenatelier am ZAC Klengbuusbiereg (nieft der Firma Securitec) presentéiert. Am Contraire zum initiale Projet ass kee Keller mat enger grousser Garage virgesinn, well et Problemer mam Waasser am Ënnergrond gouf. Duerch de Verzicht op e Keller konnt den Devis fir den Neibau op 8.972.503,17 Euro reduzéiert ginn.

Um Rez-de-chaussée kriechen déi verschidden Equippen aus dem Service technique hiren Atelier an um 1. Stock sinn Openthaltsraum a Bureaux. D'Gebai ass esou konzipéiert, datt gréisstendeels op kënschtlech Liicht verzicht ka ginn.

Aus der Siicht vum Schäfferot sollen déi schwéier Gefierer vum Service technique aus dem Duerfzentrum eraus. Nom Schäfferot géif de Reamenagement vun der Place d'immigration och e Plënnere vum Gemengenatelier bedéngen. Dat erstaunt eis als CSV-Fraktioun, well de Gewënneprojet aus dem Architektenconcours fir d'Place de l'Immigration kee Plënnere vum Gemengenatelier néideg mécht.

Et ass sécher e flotte Projet, allerdéngs kann den Neibau net zu engem spéideren Zäitpunkt méi ausgebaut ginn, well d'Bauplaz mam Neibau schonns ausgereizt ass. D'CSV-Fraktioun huet d'Fro opgeworf, ob de Bau vun dësem Atelier wierklech prioritär ass, wann ee bedenkt, wéi

eng aner deier, awer gréisstendeels néideg Projets schonns am gaange sinn (z.B. de Reamenagement vun der Rouschterstrooss, den Ausbau vun der Schoul, den Ausbau vun der Crèche an de Bau vun engem Waasserbaseng um Jixenhaff). Schlussendlech huet d'CSV-Fraktioun géint den Neibau gestëmmt.

4g. Ecole de Bissen: rehausse, mise en conformité de l'existant, nouvelle entrée + aménagements extérieurs

Nodeems festgestallt gouf, datt den Daach vun der Primärschoul an engem schlechten Zoustand ass, kouv d'Iddi op, fir vun där Geleeënheet ze profitéieren an e Stack dropzesetzen. Den Devis beleeft sech elo op 13.450.000,00 Euro.

An dësen zousätzleche Stack komme 4 Klasseraim, 2 Säll fir den Appui, eng Konferenz an 2 Bureaux. Et entsteet keng zousätzlech Kapazitéit, well dës Klasseraim kommen an der Annexe ewech, wou zousätzlech Raimlechkeete fir d'Maison Relais amenagéiert ginn. Allerdéngs muss präziséiert ginn, datt den Ëmbau fir d'Maison Relais nach net chiffriert an deemno och net vum Gemengerot votéiert gouf.

Duerch d'Opstocke vum Gebai muss de ganzen alen Trakt awer och un déi ablécklech Sécherheetsvirschrëften ugepasst ginn. Dës Aarbechte sinn och schonns am Devis dran, ausser de Reamenagement vum Schoulhaff, wou nach genee Detailer feelen.

Vu datt den Dispensaire zu Bissen net méi fonctionéiert, gëtt vun der Geleeënheet profitéiert, fir dës Raimlechkeeten an eng nei Schoulentrée a Verbindung mat engem Préau ëmzebauen.

Während der Bauzeit wäert de Schoulbetrib deelweis a Containeren hannert der Gare ausgelagert ginn. Wat d'Loune vu Containeren kascht, ass awer nach net gewosst.

4h. Acquisition d'un engin de transport multifonctionnel

D'Gemeng kauft fir 38.000 Euro e Gefier vum Typ Kubota. Dës Machine erlaabt et, op méi schmuele Weeër ze schaffen.

4i. Acquisition d'une camionnette avec benne

Fir 96.000 Euro gëtt eng Camionnette vum Typ Mercedes Sprinte kauft. Dës Camionnette gëtt ënnert anerem fir den Transport vu Containeren (« bennes ») gebraucht.

4j. Acquisition d'un tracteur

Den ablécklechen Trakter gëtt fir 102.000 Euro duerch en neien Trakter ersat. Dësen neien Trakter erlaabt et, ouni Problemer z.B. de Wobierg eropzefueren.

5. Budget rectifié 2022 & Budget 2023 de l'Office social

D'Biisser Gemeng ass zesumme mat de Gemengen Helperknapp, Lëntgen a Miersch Member vum kantonalen Office social Miersch (fréier gouf dat den Aarmebureau genannt). Am ordinäre Budget fir 2023 sinn Ausgabe fir 1.778.147,35 Euro virgesinn. D'Biisser Gemeng wäert 77.254,15 Euro zum Budget 2023 bäisteieren.

Am Joer 2023 ass geplangt, fir zesummen eng asbl "Gutt Wunnen" ze grënnen. Hei wäert d'Gemeng bäi der Grënnung 3 Euro pro Awunner abezuelen. Detailer zu där asbl kommen an enger nächster Gemengerotssitzung no.

6. Approbation du budget rectifié 2022

De rektifizéierte Budget fir dat vergaangent Joer 2022 schléisst mat dësen Zuelen of. Dëse Budget gouf mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl.

Boni de l'exercice 2021	2.405.953,98
Recettes ordinaires	15.201.613,18
Dépenses ordinaires	13.055.189,60
Boni ordinaire	2.146.423,58
Recettes extraordinaires	15.712.354,50
Dépenses extraordinaires	15.478.539,95
Boni extraordinaire	233.814,55
Boni de l'exercice 2022	2.639.768,53
Boni général à la fin de l'exercice 2022	4.786.192,11

Am Joer 2022 gouf et ë.a. viraussiichtlech dës ausseruerdentlech Ausgaben.

Terrainstosch Am Seif	2.065.100,00
Ëmbau Gréngen Eck	67.706,95
Ofwaassersyndikat SIDEN	1.029.907,07
Iwwerschwemmungsschutz an der Rue des Forges	98.811,56
Spillplaz Um Knapp	40.106,43
Nei Busarrêts am ZAC Klengbuusbiërg	230.000,00
Lotissement An der Bléi	628.000,00
Reamenagement vun der Rouschterstrooss	2.221.654,48
Erneiere vun de Weeër um Kierfecht	212.000,00
Aarbechten um Pëtz Neumann	80.000,00
Musekshaus	862.401,00

7. Approbation du budget 2023

De Budget fir dat neit Joer 2023 schléisst mat dësen Zuelen of.

Boni de l'exercice 2022	4.786.192,11
Recettes ordinaires	15.833.692,20
Dépenses ordinaires	14.317.683,60
Boni ordinaire	1.516.008,60
Recettes extraordinaires	14.000.580,00
Dépenses extraordinaires	19.899.280,37
Mali extraordinaire	-5.898.700,37
Déficit de l'exercice 2023	-4.382.691,77
Boni général à la fin de l'exercice 2023	403.500,34

Fir d'Joer 2023 sinn ë.a. dës ausseruerdentlech Ausgaben geplangt.

Studiekäschte fir de Bau vun engem neie Gemengenhais	650.000,00
Annexe fir d'Crèche Margréitchen	1.600.000,00
Strooss an der ZAC Am Seif	1.000.000,00
Studiekäschte fir den Ëmbau vun der Maison Feith an eng Brasserie	177.800,00
Ofwaassersyndikat SIDEN	897.048,48
Kaf vun engem Haus an der Rue de la Laiterie	728.000,00
PAP Grand-Rue	200.000,00
Uleeë vun enger Openthaltsplass beim CycloCroc	225.000,00
Studiekäschte fir de Reamenagement vun der Place de l'Immigration	867.000,00
Nei Bänken am Duerf	150.000,00
Ëmbau vum Gardehaische fir de CycloCroc	355.000,00
Ëmbau vum Rouschterstrooss	2.700.000,00
Neie Gemengenatelier am ZAC Klengbuusbiërg	2.500.000,00
Waasserbaseng um Jixenhaff	2.500.000,00
Studiekäschte fir de Bau vun enger Tennis- a Beachvolleyballhal	500.000,00
LED-Indoor-Tafel fir d'Sportshal	150.000,00

LED-Beliichtung fir de syntheetesche Foussballterrain	110.000,00
Elektronesch Tafel bei de Foussballterrain	60.000,00
Studiekäschte fir e Centre culturel	1.586.000,00
Ausbau vun der Primärschoul	1.500.000,00

Bei de groussen Ausgabe fällt op, datt de Schäfferot seng Prioritéite gesat huet an deemno verschidden Aarbechten no hanne geréckelt huet, nämlech d'Renovéierung vun der Kierch, d'Erneiere vun der Kierchentrap an d'Ariichte vun engem Pompjeesmusée.

Der CSV-Fraktioun ass opgefall, datt vun deenen 3 groussen Projets (Atelier, Schoul, Waasserbaseng), déi an dëser Sitzung gestëmmt goufen, nëmmen e Brochdeel (nämlech 6,5 Milliounen) an dëse Budget gesat goufen, esou datt iwwer déi nächst Budgeten nach 20.725,353 fir dës 3 Projeten ze stëmmen sinn. Dat ass deemno eng grouss Hypothék fir de Schäfferot, deen aus de Gemengewalen ervirgeet.

Obwuel d'CSV-Fraktioun an de leschten Joren de Schäfferot zu enger Neiverhandlung vun de Konditiounen fir d'Gemengeschieden - wéinst den deemools niddregen Zënssätz – opgeruff hat, ass hei näischt geschitt. D'Konsequenz vun dësem Net-Handel fënnt een an dësem Budget, wou d'Zënslaaschte fir d'Gemengekeess (wéinst de variablen Zënssätz) immens staark zouhuelen.

D'CSV-Fraktioun huet schlussendlech géint de Budget gestëmmt.